

Ëmfro a Fuerderungen zum Pensiounssystem

Introduktion:

De Koalitiounsaccord vun der aktueller Regierung gesäit vir, de Pensiounssystem z'analyséieren, fir méiglech Upassungen ze evaluéieren. Aus de Rapporte vun der IGSS geet erfier, dass ab 2027 méi aus dem Pensiounssystem ausbezuelt gëtt wéi erakënnt, mat de Reserven, déi nach bis 2042 solle reechen. Verschidde politesch Akteuren, dorënner de Premierminister an d'Ministesch vun der Sécurité Sociale, hunn d'Noutwendegkeet ënnerstrach, déi Jonk an dëse Prozess mat anzebezéien, well si et wieren déi am Fall vun enger Reform vum Pensiounssystem laangfristeg am stärkste vun de Konsequenze betraff wieren.

Ausgangssituatioun:

Als ACEL begrësse mir et, dass ee sech elo Gedanken iwwer de System mécht a net probéiert op d'Käschte vun der nächster Generatioun de System fir e kuerzen Zäitraum esou ze loosse wéi en ass. An der Vergaangenheet huet sech oft erausgestallt, dass d'Prognose vun der IGSS sech als méi pessimistesche erweisen hu wéi et a Realitéit agetrueden ass. Aus de Rapporte vun der IGSS a vum Statec geet awer erfier, dass et zu Lëtzebuerg, wéi och an der Groussregioun, an der Zukunft e versträrkten demographesche Wandel wäert ginn. Dëst ënner anerem bedéngt doduerch, dass d'Liewenserwaaardung ëmmer weider an d'Luucht geet an den Taux de naissance net gläichermoossen an d'Luucht geet. Doduerch wäert d'Proportioun un aktiv schaffende Leit vis-à-vis vu Persounen an der Pensioun weider erofgoen, wat eise Pensiounssystem virun Erausfuerderunge stelle wäert.

Eis Haaptzil ass et, sécherzestellen, dass d'Stëmm vun de Student:innen an dëser Debatt net vergiess gëtt. Mir wëllen ënnersträichen, dass déi Jonk an de Prozess mat agebonne solle ginn an d'Diskussiounen begleeden. Dat beinhalt och, déi richteg Froen ze stellen an d'Entscheidungsträger drun ze erënneren, dass d'Zukunft vum Pensiounssystem net nëmme fir déi aktuell Generatioun, mee virun allem fir déi zukünfteg, also fir eis, relevant ass.

ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois asbl

contact@acel.lu
www.acel.lu

Tel.: (+352) 20 60 84 84
f @ in + /acelluxembourg



SPUERKEESS
Partenaire officiel

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

(+352) 20 60 84 84 - 1 | Président-e
(+352) 20 60 84 84 - 4 | Vice-Président-e Représentation

Ēmfro Resultater :

An deem Kader hu mir eng Ēmfro lancéiert, fir rauszefannen wéi informéiert déi Jonk sech iwwer den aktuellen Pensiounssystem an d'Reform fillen a wat hier Meenung zu enger eventueller Ännerung vum Pensiounsalter an zu der Unerkennung vun de Studiejoren ass. Am folgende fannt dir d'Auswertung vun dëser Ēmfro, sou wéi eis Conclusiounen, déi mir aus dëser zeien an eis Positionen am Débat zu der Pensiounsreform.

Am Ganzen hu bei eiser Ēmfro 112 Participanten matgemaach. D'Altersmoyenne loung bei 23.4 Joer, déi jénkst Persoun war 17 Joer al an déi eelst 35 Joer. 104 vun de Participanten ware Student:innen, 6 Leit hunn zum Zäitpunkt vun der Ēmfro scho geschafft an 2 Participantë waren zum Zäitpunkt vun der Ēmfro nach Schüler:innen.

Insgesamt sinn d'Äntwerten déi rakomm sinn zu engem groussen Deel qualitativ héichwäerteg an erlaaben et e gudden Iwwerbléck iwwer d'Denkweis vun de Jonken a besonnesch de Student:innen ze kréien. Dowéinst sollten dës Meenungen och hiere Wee an den Debat fannen.



Fro 1: Wéi informéiert fills du dech iwwer den aktuelle Pensiounssystem zu Lëtzebuerg?

Mir hunn d'Participantë gefrot, dass si eis ob enger Skala vun 0-10 (0 heescht guer net informéiert, 10 heescht perfekt informéiert) matdeelen wéi informéiert si sech iwwer den aktuelle Pensiounssystem fillen.

Et fällt op, dass déi meescht Jonk, déi un eiser Ēmfro deelgeholl hunn, sech guer net bis méttelméisseg gut iwwer de Pensiounssystem informéiert fannen. D'Moyenne vun den Äntwerten läit bei 4.8. An der Moyenne fille sech déi jonk also mettelméisseg gutt informéiert iwwer de Pensiounssystem. Wann ee sech ukuckt wéi vill Jonk mat 5 oder manner geäntwert hunn, kënnt erraus dass 69% sou geäntwert hunn.

Hei ass kloer erkennbar, dass de groussen Deel vun de Jonken net genuch iwwer de Pensiounssystem Bescheed weess. Eng Reform vum Pensiounssystem deen déi Jonk matdroen ass schwéier ëmzesetzen wann déi Jonk net genuch informéiert sinn. Et léist sech awer och ee méi generelle gesellschaftleche Problem erkennen, dass vill Jonker no hirem Ofschloss a beim Antrëtt an d'Aarbechtswelt sech net genuch bewusst sinn wat de Pensiounssystem genau ass, wéi e funktionnéiert a firwat si abezuelen. Hei misst een ausserhalb vum


Debat iwwer eng méiglech Reform vum Pensiounssystem kucken, wéi een de Jonken dësen a säi Fonctionnement méi no bréngé kann, sief et um schouleschen oder parascolaire Wee.



Fro 2: Géifs du dir méi Informatiounen wënschen?

Déi éischt Fro huet kloer gewisen, dass déi meescht Jonk éischer wéineg iwwer de Pensiounssystem informéiert sinn. Wéi mir si gefrot hunn, ob si wéilten méi driwwer informéiert sinn, ass kloer erauskomm dass deem soul ass.


Dat weist, dass sech déi Jonk scho Gedanken iwwer d'Pensioun maache wëlle mee leider d'Informatiounsquellen ze staark limitéiert oder ze komplizéiert sinn. Fir dass déi Jonk sech an den Debat iwwer eng méiglech Reform mat abrénge kënnen an dës och mat droë kënnen, ass et wichteg, dass si och genuch driwwer informéiert sinn.



Fro 3: Krus du mat, dass elo eng Debatt iwwer eng Reform vum Pensiounssystem zu Lëtzebuerg soll gefouert ginn?


Als nächst huet eis interesséiert ob déi Jonk scho matkruten, dass et eng Debatt iwwer de Pensiounssystem stattfënnt. Vu dass et déi Jonk sinn, déi laangfristeg am meeschten d'Konsequenzen vun enger Pensiounsreform spieren, fanne mir et wichteg, dass si Bescheed wëssen, dass sou en Debat grad amgang ass.

D'Resultater vun dëser Fro weisen, dass eis befrote Participanten zu ronn dräi Véirel schonn iwwer d'Reformdiskussiounen Bescheed woussten. A Kombinatioun mat deenen aneren 2 Froen, weist sech, dass eis befrote Participantë sech net genuch iwwer de Pensiounssystem informéiert fillen, mee dass si et wichteg fannen de Pensiounssystem an och d'Mesuren vun der eventueller Reform ze verstoen.



Fro 4: Misst een an Zukunft mei laang schaffe goen?

Eng vun de méigleche Mesuren vun der Pensiounsreform wier en Unhiewen vum Rentenalter mat der Iwwerleeung, dass duerch den demographesche Wandel, also dass d'Leit ëmmer méi all ginn, de System soss net opgoe géif. Mir wollte wësse wat d'Meenung vun de Student:innen zu deem Thema ass an hu si gefrot ob si fannen, dass een an Zukunft méi laang misst schaffe goen.



Hei gesäit een dass d'Majoritéit dergéint ass fir méi laang ze schaffen. Wann een d'Kommentarer vun dëser Grupp méi am Detail analyséiert, ass ze erkennen, dass an enger Majoritéit vun de Fäll d'Äntwert domat begrënnt gëtt, dass si et onfair fannen, dass eis jonk Generatioun un enger Pensiounsreform leide misst während déi aktuell Pensionair:inne mat enger gudder Pensioun liewe kënnen. Et misst een ob anere Plaze spueren an esou méi eng gerecht Reform ausschaffen.


29% hunn d'Fro mat Jo beäntwert. Wann een d'Kommentarer vun dëser Grupp méi am Detail analyséiert, ass ze erkennen, dass an enger Majoritéit vun de Fäll d'Äntwert mam demographesche Wandel vun der Gesellschaft begrënnt gëtt.

De Fakt dass 21% vun eisen Befrote keng Meenung zu deem Thema hunn, ass warscheinlech mat de Froe vu virdrun ze erklären.

Den allgemenge Fazit aus dëser Fro ass, dass d'Iddi vun engem méi héije Rentenalter vun enger grousser Majoritéit als ongerecht ugesi gëtt. Während d'Erkenntnis besteet, dass dëst Thema an Zukunft eventuell misst diskutéiert ginn, gëtt et gläichzäiteg als eng vun de leschte Méiglechkeete betruuecht, un där ee sollt dréie wann et ëm d'Reform vum Pensiounssystem geet.

Fro 5: Sollten d'Studiejoren unerkannt ginn?

Mir kréie kloer vun de Studenten de Réck gestärkt an eiser Positioun. Vill vun eisen Participanten hunn uginn, dass si et wichtig fannen, dass d'Studieiere weider attraktiv bleiwt an dat geet just wann d'Studiejore weider unerkannt ginn. Verschidder hunn och d'Iddi abruecht, dass een d'Studiejore fräiwelleg kéint nocotiséieren, fir sech duerno eng méi héich Pensioun sëcheren ze kënnen. Weider gouf d'Altersgrenz vu 27 Joer kritiséiert, mat der Argumentatioun, dass dës sollt ofgeschaf gi fir méi Flexibilitéit an der Berechnung vun der Pensiounszäit ze erméiglechen. Domadder wier gemengt, dass eng gewëssen Unzuel u Studiejoren zu all Moment vum Liewen unerkannt kënnen ginn, net just tëscht 18 a 27 Joer.



Fro 6: Allgemeng Kommentarer

D'Äntwerte vun de Participanten op déi oppe Fro 6 hunn eng grouss Diversitéit u Meenungen a Virschléi enthalen. Vill Jonker hu sech detailléiert mat der Thematik befaasst an deelweis laang Texter geschriwwen. Dëst weist, dass d'jonk Generatioun sech net nëmmen der Problematik bewusst ass, mee och bereet ass sech aktiv an den Debat anzubringen. Besonnesch d'Froen iwwer d'Zukunftsfäegkeet vum Pensiounssystem, d'Roll vun de Studiejoren an d'Allgemengheet vun der sozialer Gerechtegkeet waren hei wichtig Themeberäicher.

Flexibilitéit an der Berufsliewensdauer : Verschidde Participantë waren der Meenung, dass et net alleng duergeet de Pensiounsalter an d'Luucht ze hiewen. Alternativ Modeller, déi d'Participantë virgeschloen hu waren zum Beispill e méi flexibel Pensiounssystem, deen et erlaabt, méi fréi oder méi spët an d'Pensioun kënnen ze goe jee no beruflecher Situatioun a perséinleche Besoinen. Besonnesch gouf betount, dass net all Beruff déi selwecht kierperlech oder mental Belaaschtung mat sech bréngt. An dësem Sënn misst en Ënnerschied tëscht kierperlech usprochsvollen a manner usprochsvollen Aarbechte gemaach ginn.



Sozial Gerechtegheet am Pensiounssystem : E reegelméisseg Thema an den Äntwerte war d'sozial Gerechtegheet am aktuelle Pensiounssystem. Eng Rei Participanten hunn drop higewisen, dass d'Pensiounen net disproportionéiert sollte sinn. Kritiséiert gouf och, dass et nach ëmmer Ënnerscheeder tëscht dem Privat- a Publicsektor ginn, an dass de Pensiounssystem net op Käschte vun den zukünftege Generatiounen gefléckt dierft ginn.

Zukunft vum System an alternativ Finanzementer : D'Bedenken, dass de Pensiounssystem an der aktueller Form net laangfristeg hale wäert ware breet vertraued. E puer Participanten sinn der Meenung, dass nei Finanzéierungsmodeller exploréiert sollte ginn. Virschléi an deem Beräich enthalen Alternativen zur aktueller Finanzéierung vum Pensiounssystem, wéi zum Beispill eng méi equilibréiert Belaaschtung vu verschiddenen Akommes- a Besätzformen, d'Afféierung vu komplementäre Finanzéierungsmodeller oder eng flexibel Adaptatioun vun de Cotisationsmechanismen un individuell a wirtschaftlech Faktoren.

Bedeutung vu méi Transparenz an Informatiounen : Vill Jonker hu betount, dass si sech net genuch informéiert fillen an net genau wëssen, wéi de System funktionéiert oder wéi sech Reformen konkret op si auswierken. Verschiddener hunn och proposéiert, dass de Pensiounssystem scho méi fréi, z. B. an de Lycéeeën, erkläert soll ginn, fir dass déi Jonk besser op hir beruflech Zukunft virbereet sinn.

Unerkennung vun de Studiejoren : Déi grouss Majoritéit vun de Participanten huet betount, dass d'Studiejoren och weiderhin sollen unerkannt ginn. Verschiddene Participanten hu sech géint d'Alterslimit vu 27 Joer ausgeschwat a virgeschloen, dass et eng Flexibiliséierung vum Alter sollt ginn.

Fazit : D'Reaktiounen vun de Participanten hu gewisen, dass d'Jugend net nëmmen interesséiert un der Thematik ass, mee och aktiv iwwer méiglech Léisungen nodenkt. Eng kloer Tendenz ass, dass éischtens, d'Studiejore weiderhin unerkannt solle ginn, zweetens, de Pensiounssystem sozial gerecht bleiwe muss, an drëttens, et eng méi transparent an dynamesch Approche brauch fir de System zukunftsfaeg ze maachen. D'Diskussiounen iwwer méiglech Reformen si komplex, an et gëtt keng universell Léisung, mee d'Student:innen si bereet, hir Iddien an de Prozess mat anzubringen.



Positioun a Roll vun der ACEL :

Am Kader vun dem ëffentlechen Débat goufe vill Akteuren aus der Lëtzebuurger Politik ëm hier Meenung gefrot. Och mir als ACEL sinn Deel vun deem Debat. An deem Kader hate mir vill Entrevuë mat verschiddenen ëffentlechen Akteuren wéi der CSL, der UEL, der CGFP, awer och mat politesche Parteien wéi déi Gréng, JSL, DP, déi Lénk an d'CSV. Och mat der zoustänneger Ministesch Martine Deprez huet sech d'ACEL 2 mol getraff. D'Zil vun dëse Rencontrë war et, d'Perspektive vun de lëtzebuergesche Student:innen a relevant Diskussiounen anzébréngen an aus éischer Hand Informatiounen iwwer d'Positiounen vun de verschiddenen Akteuren ze kréien. Dobäi bleift d'ACEL hirem Prinzip vun der politescher an ideologescher Neutralitéit trei. Als onofhängeg Verriedung vun den Interessie vun de Student:innen, schwätzt d'ACEL fir all d'Student:innen a setzt sech dofir an, mat all politeschen a gesellschaftlechen Akteuren en Dialog ze féieren, onofhängeg vun hirem politesche Positionnement.

Mir als ACEL gesinn eis Roll an der Debatt zur Pensiounsreform net doran eng Reform auszeschaffen, mee de Prozess vun der Reform ze begleeden als eng staark an aktiv Stëmm vun de Student:innen. Mir wäerten d'Diskussiounen an d'Entscheidung analyséieren fir ze kucken ob si am Interêt vun de Student:inne geholl gi sinn. Eis Haaptroll wäert et sinn déi Jonk iwwer den aktuelle Pensiounssystem an d'Reformdiskussiounen ze informéieren an se ze encouragéieren aktiv un den Diskussiounen (zum Beispill duerch d'Plattform "Schwätz mat!) deelzehuelen.

Informatioun a Participatioun :

D'ACEL fuerdert eng Integratioun vun de jonke Generatiounen an d'Diskussiounen an Entscheidungsprozesser zu enger eventueller Pensiounsreform, well d'Konsequenze vun enger Reform laangfristeg besonnesch déi Jonk betrëfft. Et muss sécher gestallt ginn, dass si net nëmmen als Argumentatiounsgrondlag vun enger Reform benotzt ginn, mee och aktiv an d'Debatt mat agebonne ginn. Dofir ass eng verstärkten an einfach zougänglech Informatiounsverméttlung néideg, souwuel iwwer de Pensiounssystem selwer, wéi och iwwer d'Implikatiounen vun enger méiglecher Reform. Gläichzäiteg sollt ee sech fir d'Zukunft Gedanke maache wéi ee bei de jonke Leit fréi e Verständnis vum System kann errechen.

Nohaltegkeet vum System :

D'ACEL setzt sech fir eng nohalteg Finanzéierung vum Pensiounssystem an, déi de Jonken eng realistesch an nohalteg Perspektiv bitt, an net nëmmen op kuerzfristeg Stabilitéit setzt. Et muss verhënnert ginn, dass d'Reserve séier verbraucht ginn an zukünfteg Generatiounen d'Konsequenze droe mussen. D'ACEL setzt sech dofir an, dass eng finanziell equilibréiert an zukunftsécher Léisung fonnt gëtt, déi d'Besoinen an d'Realiteit vun alle Generatiounen berücksichtegt.

Unerkennung vun de Studiejoren :

D'ACEL fuerdert, dass d'Studiejoren och an Zukunft weider unerkannt ginn. Et ass wichteg d'Studéieren an de Standuert Lëtzebuerg weider attraktiv ze hale fir engem Fachkräftemangel entgéint ze wirken. D'Zourechnungszeiten erlaben et de Student:innen fräi ze entscheiden, ob si mat 60 Joer an d'Pensioun ginn, an dofir méi eng kleng Pensioun kréien, oder méi laang schaffe ginn, an dofir eng méi héich Pensioun kréien. D'Ofschafen dovunner géif dozou féieren, dass dëse Choix net méi bestoe géif an déi betraffe Generatiounen zwangsleefeg méi laang schaffe missten.



D'ACEL gesäit an der aktueller Reform eng Chance, fir d'Reegelung vun de Studiejoren un d'Konzept vum Life Long Learning unzepassen, esou dass déi maximal Dauer vun 9 Studiejoren net un eng Altersgrenz, mee un d'Studienzäit gekoppelt géif ginn.

Fir eis ass et och wichteg, dass d'Studiejore weiderhin 9 Joer laang kënnen ugerechent ginn an onofhängeg vun enger Reegelstudienzäit oder vun engem Ofschluss sinn. D'Grënn firwat eng Reegelstudienzäit net agehal ka ginn oder firwat e Studium ofgebrach gëtt si villfälteg an oft ass d'Ursaach net e Verschelde vun de Student:inne selwer, mee entstinn duerch Fakteuren aus dem Ëmfeld oder wéinst dem Opbau vum Studium selwer. En anere Grond deen dogéint schwätzt ass, dass während der Corona-Pandemie vill Student:innen eng individualiséiert Reegelstudienzäit kritt hunn an et vu Land zu Land, delweis vun Uni zu Uni a souguer vu Student:in zu Student:in anescht ass, wéi vill Semester Reegelstudienzäit een huet. Dëst ass lo scho schwéier nozevollzéien an nach vill méi schwéier, wann dës Persoune bis an d'Pensioun ginn a beweise mussen ob si hire Studium an der Reegelstudienzäit gepackt hunn oder net.

Fir déi Joren, déi doriwwer eraus ginn, misst d'Méiglechkeet bestoen, dës Jore spéider zeréckkafen ze kënnen. Well dëst awer eventuell mat héije Käschte verbonne kéint sinn, misst dës Méiglechkeet fakultativ bleiwen.

Mir kéinten eis och virstellen doriwwer erraus eng optional Méiglechkeet fir d'Cotisatiounen ze schafen, bei där all Studijeoer, dat ënner d'Zourechnungsziite fält, optional kann nodréiglech nokaf ginn.

Schlusswuert :

D'ACEL gesäit an der aktueller Debatt eng wichteg Geleeënheet fir sécherzestellen, dass de Pensiounssystem och an Zukunft fair a solidaresch bleift. D'Bedenke vun der jonker Generatioun mussen eescht geholl ginn, besonnesch well si et sinn, déi laangfristeg vun de Konsequenze vun enger Reform betraff wäerte sinn. Mir ënnersträichen dass eng nohalteg Finanzéierung, eng transparent Kommunikatioun an eng gerecht Unerkennung vun de Studiejoren essentiell Komponente vun all Upassung musse sinn. Eng Reform dierf net op Käschte vun de Jonken duerchgesat ginn, mee muss eng equilibréiert a gerecht Léisung fir all Generatioun sichen. Dofir fuerdert d'ACEL, dass déi Jonk net nëmmen an der Debatt gehéiert, mee och aktiv an d'Decisiounsprozesser mat agebonne ginn. Mir wäerten de Prozess weider mat Opmierksamkeet begleeden an d'Interesse vun de Student:inne vertrieeden, fir sécherzestellen, dass hir Stëmm net ignoréiert gëtt.

